

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique	p. 62	Rapport de la Commission de la Justice : M. Laurent Zeimet
M. Claude Wiseler, Président		Vote sur l'ensemble du projet de loi 8368 et dispense du second vote constitutionnel
2. Ordre du jour	p. 62	
M. Claude Wiseler, Président		
3. 8398 – Proposition de loi modifiant la loi électorale modifiée du 18 février 2003	p. 62	6. Résolution de M. Paul Galles relative aux élections présidentielles en Bélarus prévues pour le 26 janvier 2025
Rapport de la Commission des Institutions : M. Gilles Baum		p. 67
Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 8398 et dispense du second vote constitutionnel		Discussion générale : M. Gusty Graas M. Fred Keup M. Sven Clement Mme Sam Tanson (intervention de M. Fred Keup) M. Yves Cruchten M. Fred Keup (parole pour fait personnel) (interventions de M. Sven Clement, M. Tom Weidig et Mme Alexandra Schoos) M. Paul Galles
4. 8053 – Projet de loi modifiant :		Vote sur la résolution (adoptée)
1^o la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales ;		7. Interpellation de M. David Wagner sur les effets du dérèglement climatique sur le monde du travail
2^o la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises,		p. 70
aux fins de transposition de la directive (UE) 2019/2121 du Parlement européen et du Conseil du 27 novembre 2019 modifiant la directive (UE) 2017/1132 en ce qui concerne les transformations, fusions et scissions transfrontalières	p. 63	Exposé : M. David Wagner (dépôt des motions 1 à 3)
Rapport de la Commission de la Justice : Mme Stéphanie Weydert		Débat : Mme Françoise Kemp M. André Bauler M. Georges Engel (intervention de M. Ben Polidori) M. Jeff Engelen Mme Djuna Bernard M. Sven Clement
Discussion générale : Mme Stéphanie Weydert (dépôt de la motion 1) M. Guy Arendt M. Dan Biancalana M. Dan Hardy Mme Sam Tanson M. Sven Clement M. Marc Baum		Prise de position du Gouvernement : M. Georges Mischo, Ministre du Travail M. David Wagner (parole après ministre) M. le Ministre Georges Mischo
Prise de position du Gouvernement : Mme Elisabeth Margue, Ministre de la Justice		Motion 1 : Mme Françoise Kemp Mme Joëlle Welfring M. Georges Engel M. Jeff Engelen M. David Wagner
Vote sur l'ensemble du projet de loi 8053 et dispense du second vote constitutionnel		Vote sur la motion 1 (rejetée) (intervention de M. Meris Sehic)
Motion 1 : Mme Stéphanie Weydert		Motion 2 : M. Charles Weiler M. Georges Engel M. Sven Clement Mme Djuna Bernard M. André Bauler M. David Wagner (intervention de M. Sven Clement)
Vote sur la motion 1 (adoptée)		Vote sur la motion 2 (rejetée)
5. 8368 – Projet de loi modifiant :		Motion 3 : M. Charles Weiler M. Georges Engel Mme Djuna Bernard M. Jeff Engelen M. Charles Weiler M. David Wagner
1^o le Code pénal ;		Vote sur le renvoi de la motion 3 en commission (adopté)
2^o la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire,		8. Information de M. le Président
aux fins de transposition de certaines dispositions de la directive (UE) 2017/541 du Parlement européen et du Conseil du 15 mars 2017 relative à la lutte contre le terrorisme et remplaçant la décision-cadre 2002/475/JAI du Conseil et modifiant la décision 2005/671/JAI du Conseil	p. 67	p. 81
		M. Claude Wiseler, Président
		Présidence : M. Claude Wiseler, Président ; M. Fernand Etgen, Vice-Président
		Au banc du Gouvernement : M. Luc Frieden, Premier ministre; M. Georges Mischo, M. Serge Wilmes, Mme Elisabeth Margue, Ministres

(La séance publique est ouverte à 09.01 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

M. Claude Wiseler, Président | Ech maachen d'Sëtzung op.

2. Ordre du jour

Just e puer Informatiounen iwwert den Ordre du jour: Niewent der Motioun vun der Madamm Paulette Lenert, wou mer gëschter schonn decidéiert haten, datt mer se de Mëtten no der Interpellatioun iwwert d'Gesondheitsberuffer géngen op den Ordre du jour setzen, wollt ech Iech proposéieren d'Resolutioun vum Här Paul Galles iwwert d'Presidentschaftswalen am Belarus, déi gëschter deponéiert gouf, op den Ordre du jour vun haut de Moien als zweeteschte Punkt virun der Interpellatioun vum Här David Wagner ze setzen.

An ech wollt Iech och proposéieren, d'Motioun vun der Madamm Joëlle Welfring iwwert d'Éffnungszäiten am Commerce, déi gëschter och deponéiert gouf, op den Ordre du jour vun haut de Mëtten als leschte Punkt ze setzen.

Ass d'Chamber mat dësen Ofännerunge vum Ordre du jour vun haut de Moien a vun haut de Mëtten averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

3. 8398 – Proposition de loi modifiant la loi électorale modifiée du 18 février 2003

Da fänke mer dës Sëtzung u mat der Proposition de loi 8398, enger Ofännerung vum ofgeännerte Walgesetz vum 18. Februar 2003. Ech erënneren Iech drun, datt dëst e Riedemodell „avec rapport et sans débat“ ass. An d'Riedezäit ass also follgendermoosse festgesat: De Rapporteur huet 5 Minutten, d'Regierung 5 Minutten. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun der Proposition de loi, den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Institutions

M. Gilles Baum (DP), auteur-rapporteur | Merci, Här President. Schéine gudde Moien. Kolleeginnen a Kolleegen, Dir wësst et alleguer sou gutt wéi ech: Mir hunn als Deputéiert, fir an der Terminologie vum Aarbechtsrecht ze sinn an ze bleiwen, viraussichtlech mol e CDD, dat heescht e Contrat à durée déterminée, hei an der Chamber. Spéitstens mat neien Nationalwale besteet d'Chance, awer och de Risiko, dass een an der nächster Legislaturperiod säin Amt behält oder eebe säin Amt verléiert.

Onofhängeg awer vum Impakt vun de Walen op eis als Member vun der Chamber, kënnen awer och d'Ekippen, mat deene mir zesummeschaffen, also eis Mataarbechter, eis Attachés parlementaires an de Fraktiounen, duerch d'Walen och méi oder manner positiv wéi och negativ impaktéiert ginn. Ganz onofhängeg vun hirer eegener Prestatioun, vun hirer eegener Aarbecht kann e schlecht Walresultat sech tatsächlech onöngschteg op hir Aarbecht an natierlech dann och op hir Aarbechtsplaz auswirken.

Ech hat am Virfeld emol gekuckt – rezent war de Memento pratique vum Joer 2025 an der Chamber ausgedeele ginn –, a wann een eleng d'Mataarbechter kuckt, da sinn dat eng ronn 70 Leit, déi fir Parteien an natierlech fir hir Deputéiert am Moment schaffen. 70 Leit also, déi och onmëttelbar duerch d'Walgesetz beaflosst ginn, méi prezis duerch den Artikel 126, jee nodeem, wéi d'Walen ausginn. Fir eebe just den Impakt opzefänken, also och e potenziell negativen Impakt op d'Mataarbechter vun de Gruppen a Fraktiounen ze limitéieren, gesäit d'Proposition de loi e puer kleng Modifikatiounen um Walgesetz vir.

Aktuell ass de Regimm esou, dass all Deputéierten d'Recht huet, e Mataarbechter oder eng Mataarbechterin anzustellen. A jee nodeem, wéi d'Fraktioun organiséiert ass, kann een dat eenzel oder zesumme maachen, also et kann ee sech e Pool u Mataarbechter zur Säit huelen. Wann elo en Deputéierten

oder méi Deputéierter net méi erëmgewielt ginn a Mataarbechter mussen entloossen, gesäit den aktuellen Text, deen en vigueur ass, vir, dass de Licenciement muss den éischten Dag vum Mount no de Wale geschéien. Nëmme bis zu deem Delai kënnen sech d'Deputéiert d'Indemnitéiten, déi als Deel vum Preavis mussen ausbezuegt ginn, och vun der Chamber rembourséiere loossen. No deem Delai verléiert den Deputéierte säin Usproch op dese Remboursement.

Dëst bréngt als Konsequenz awer mat sech, dass déi Deputéiert, déi net méi erëmgewielt goufen, soi-disant am Fall vun engem schlechte Walresultat, Mataarbechter aus der Fraktioun mussen entloossen. An dat misst dann immens séier geschéien. Dobäi sief drun erënnert, dass d'Chamber net méi opgeléist gëtt, mee dass duerch d'Ännerungen an der Constitutioun elo d'Mandatairen esou laang am Amt bleiwen, bis déi nei Sessioun ugeet, dat heescht, bis déi nei Deputéiert vereedeegt ginn.

Den Text vun der Proposition de loi gesäit elo vir, den Artikel 126, wou dës Modalitéite festgehalen ginn, ofzeänneren. Éischstens gëtt de Prinzip, dass e Mandataire sech d'Indemnitéit ka rembourséiere loossen, prezis am Text festgehalen. Stand haut ass dat net de Fall. An da gëtt och den Delai ugepasst, dass en eeben net just gëllt bis den Éischte vum Mount no de Walen, mee de Saz gëtt elo geännert a méi no un d'Aarbechtsrecht erugefouert, an zwar esou: „jusqu'à concurrence des montants prévus aux alinéas qui précèdent, les indemnités de préavis et de départ qu'ils sont tenus à verser conformément à la législation sur le contrat de travail“.

Den Delai, an deem d'Leit dann elo missten entloossen ginn, gëtt also méi laang, an de Remboursement gëtt konform zu de Modalitéite vum Aarbechtsrecht, soudass den Exmandataire dës Decisioun net muss precipitéiert a ganz séier huelen direkt no de Walen, mee dass e sech kann a tête reposée an der Fraktioun organiséieren a kucken, ob déi Leit da fortginn oder ob se eventuell vum sengem Nofollger iwwerholl ginn. Während der Transitionphas sinn d'Paieren dann à charge vun der Fraktioun respektiv vum jeeweilegen Deputéierten. Dës Proposition soll réckwierkend a Kraaft trieden, ugefaangen um éischten Dag no de Wale vum 2023.

Dëst gesot, Kolleeginnen a Kolleegen, mengen ech, dass dat hei fir eis Attaché-parlementairen, eis Mataarbechter allegueren eng daitlech Verbesserung ass, an ech wär frou, wann Der kéint d'Zoustëmmung zu dëser Proposition de loi ginn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen dem Här Baum villmools Merci fir säi schrëftlechen a fir säi mündleche Rapport.

Ech wollt d'Regierung froen, ob se wëllt d'Wuert huelen.

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Da géinge mer direkt zum Vott vun dësem Gesetz kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8398³.

Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 8398 et dispense du second vote constitutionnel

Ech maachen de Vott op. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. Ech gesinn, datt e puer Leit warscheinlech net ageschalt ware virun.

(Interruption par Mme Joëlle Welfring)

Ok, gutt. Mir sinn elo op 59. Da kucke mer, wat duerno feelt, an da maache mer dee richtige Kont.

Also: Jo: 59, Neen: 0, an Abstentiuon: 0. An ech gesinn, datt den Här Marques warscheinlech net matgestëmmt huet. An Äre Vott ass Jo, soudatt mer dann op 60 Jo-Stëmme kommen. Also ass dësen Text ugeholl mat 60 Jo-Stëmme, also eestëmmeg.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Stéphanie Weydert), MM. Maurice Bauer (par M. Marc Spautz), Jeff Boonen (par Mme Françoise Kemp), Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Alex Donnersbach), Paul Galles (par M. Laurent Zeimet), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies (par Mme Nathalie Morgenthaler), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler (par M. Jean-Paul Schaaf), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering (par M. André Bauler), Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding (par M. Georges Engel), Liz Braz (par M. Dan Biancalana), Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo (par Mme Claire Delcourt), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehic (par Mme Joëlle Welfring), Mmes Sam Tanson (par Mme Djuna Bernard) et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

4. 8053 – Projet de loi modifiant :
1^o la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales ;
2^o la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises,
aux fins de transposition de la directive (UE) 2019/2121 du Parlement européen et du Conseil du 27 novembre 2019 modifiant la directive (UE) 2017/1132 en ce qui concerne les transformations, fusions et scissions transfrontalières

Als zweete Punkt op eisem Ordre du jour vun haut de Moie steet de Projet de loi 8053, eng Ëmsetzung vun enger EU-Richtlinn, der sougenannter „Mobilitéitsrichtlinn“, an d'Lëtzebuurger Recht. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno follgendermoossen opgedeelt: 10 Minutte fir d'Rapportrice an dësem Fall, 5 Minutte fir all Fraktioun a Sensibilitéit, an d'Regierung huet 10 Minutten. Et si schonn ageschriwwen, wéi Der gesitt: d'Madamm Stéphanie Weydert, den Här Guy Arendt, den Här Dan Biancalana, den Här Dan Hardy, d'Madamm Sam Tanson an den Här Sven Clement. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice, déi honorabel Madamm Stéphanie Weydert. Madamm Weydert, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Justice

Mme Stéphanie Weydert (CSV), rapportrice | Villmools merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass mer eng grouss Freed, Iech haut dëse wichtege Gesetzesprojet 8053 iwwer grenziwwerschreidend Fusiounen, Scissionen an Transformationen ze presentéieren, deen déi europäesch Direktiv Nummer 2019/2121, déi sougenannt „Mobilitéitsdirektiv“, an eist nationaalt Recht transposéiert. D'Direktiv huet näischt mat Transport ze dinn, mee mat der Libre circulation an der Liberté d'établissement vun Handelsgesellschaften.

Mat dësem Gesetz ännere mer souwuel d'Gesetz vum 10. August 1915 iwwert d'Handelsgesellschaft wéi och d'Gesetz vum 19. Dezember 2002 iwwert den Handelsregëster souwéi d'Kontabilitéit an d'Joresofschlëss vun den Entreprises. Ech si mer bewosst, dass et en immens techneschen Dossier ass, an deem ee sech net esou licht erëmfënnt, wann een net an der Matière vun de grenziwwerschreidenden Transaktiounen doheem ass.

Dëse Gesetzesprojet gouf de 27. Juli 2022 vun der deemoleger Justizministesch Sam Tanson deposéiert a war begleet vun engem Exposé des motifs, engem Commentaire vun den Artikelen, enger Fiche financière an enger Impaktevaluatioun souwéi engem Text coordonné an e gouf den 29. September 2022 eng éischt Kéier an d'Justizkommissioun verwisen. Den Delai de transposition ass awer schonn zënter dem 31. Januar 2023 ofgelaf. Ech gouf an der Sitzung vun der Justizkommissioun vum 21. Dezember 2023 als Rapportrice ernannt.

Léif alleguer, d'Zil vun dëser Mobilitéitsdirektiv ass et, de Marché unique ze stäerken an nach ëmmer bestoend Restriktiounen an der Néierloossungsfräiheet vun den Entreprises innerhalb vun der Europäescher Unioun opzehiewen.

Vill Jurisprudenzen huet eis den Europäesche Geriichtshaff hei zu Lëtzebuerg scho geliwwert zur Néierloossungsfräiheet an all de Barriären, déi déi eenzel Memberstaate geschaf hunn, fir Gesellschaften dovun ofzehalen, an en anert Land ze migréieren respektiv aus hirem Land fortzegoen: Centros, Überseering, Inspire Art, CARTESIO, Vale, an net ze vergiessen den Arrêt Polbud vum 2017. D'Juristen an d'Affekten heibannen, déi hunn déi Nimm vun deenen Arrëten hei sécher schonn héieren.

Mat dësem Gesetzesprojet huele mir substanzuell Upassungen an eisem Gesellschaftsrecht vir. Éischstens gëtt de bestoende Regimm vun de Fusiounen geännert, deen 2009 duerch d'Transposition vun der zéngter Direktiv vun 2005 iwwer grenziwwerschreidend Fusiounen vu Kapitalgesellschaften agefouert gouf. D'Gesetz vun 1915 iwwert d'Handelsgesellschaft gesäit haut scho Reegele fir national, awer och fir grenziwwerschreidend Fusiounen vir.

Mat dësem Gesetzesprojet splécke mer elo d'Reegele fir d'Fusiounen an zwee Regimmes op. Et gëtt elo e Regime général vun de Fusiounen, dee sech op där enger Säit bei nationale Fusiounen, dat heescht, tëscht zwou Lëtzebuurger Gesellschaften, an op där anerer Säit bei Fusiounen tëscht lëtzebuergesche Gesellschaften mat Gesellschaften, déi hir Siège ausserhalb vun der Europäescher Unioun hunn, uwent. Dëse Regime général fällt net ënnert d'Mobilitéitsdirektiv, wou et sech ausschliisslech ëm grenziwwerschreidend europäesch Transaktiounen handelt. Dat heescht, d'Reegele vum aktuelle Regimm gi grosso modo am Régime général iwwerholl.

Donieft gëtt mat dësem Gesetzestext e Regime spécial agefouert, deen da just déi europäesch grenziwwerschreidend Fusiounen ofdeckt, dee sech also